adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 11 Januar 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Wirtschaftlech Hëllefen am Kader vun der Corona-Kris sollte gerecht, novollzéibar an transparent sinn. Kee Secteur däerf dobäi vergiess ginn.

Dat gëllt och fir d'Forainen, déi, nach méi wéi Anerer, ganz haart vun der Kris getraff goufen. D'Ofsoe vu Kiermessen, Mäert, saisonalen Evenementer an natierlech der Fouer wore fir si ganz gravéierend.

An deemSecteurgëtt et och dacks ganz aussergewéinlech a spezifesch Betribsstrukturen (1-Mann-Betriber, Participatioun vu Leit, déi d'Pensioun hunn, Persounen am Stot, déi e Salaire kréien ...). Och si villvundëseLeitdacksnetdropvirbereet, firkomplizéiertbürokratesch Prozedure kënnen ze bewierkstellegen.

D'Resultat ass op der Säit vun de Forainen eng grouss Onsécherheet, wien Hëllefen zegutt huet a wéi ee si kann ufroen. Dat si Kloen, déi mir dacks zu Ouere kommen, an duerfir wëll ech deem zoustännege Minister dës Froe stellen:

1. Geet aus den Donnée vun der Regierung ervir, wéi vill Foraine staatlech Hëllef am Kader vun de Covid-Moossname kréien? Wa jo, wéivill Betriber sinn dat a wéi vill Prozent vum deene méigleche Betriber hunn Hëllefen ugefrot?
2. Wéi vill Forainen oder Forains-Betriber hunn Hëllef refuséiert kritt oder nëmmen en Deel vun de méiglechen Hëllefe kritt, well hir Situatioun net genee de gesetzlechen Ufuerderungen entsprach huet oder d'Prozeduren net genee befollegt goufen?

3. Ass et firdéi, déi Hëllef kritt hunn, esou, datt dës Hëllefe reegelméisseg ouni ze variéieren ausbezuelt ginn, esou datt si sech an Zäiten, wou si null Recettenhunn, op mannst op ee Betrag kënne verloossen?
4. Ass drugeduecht, betraffeneForainen am Ministère eng Ulafstell ze gi fir aussergewéinlech Situatiounen, déi der Ausbezuelung vun enger Hëllef am Wee stinn, ze evaluéieren a kuerzfristeg och dëse Fäll ze hëllefen? Kéint esou eng Ulafstell dene Betraffenen och all néideg Erklärungeginn a, wannnéideg, prozedural Ënnerstëtzungubidden?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten